# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°396
FEBRUAR-ABRËLL'26

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **100/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## SYLVESTER - LBB goes 26




**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2025-2026

## Simply present LBB-STAFF for 2025-2026:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
MAJERUS Max (Lynx)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Groupe / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
BRINSTER Anna (Foxi)
FRISCH Danie (GriGri)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
FRISCH Danie
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
MAJERUS Max (Lynx)
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
BRINSTER Mia
PIRON Nicolas
PEPIN Cédric
PIRON Aleksis (Pongo)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu



## Léiwe Wëllefchen,

Dëse Weekend verschléit ët eis an e Land voller Bësch a Séien, déi sou déif si wéi séng Geheimnisser. Op der Sich no eise verschwonnen Djungelfrënn, féiert eis d'Spuer eng Kéier duerch dëst Land mat all sénge Schätz. Mëll dëch also séier un, fir dem Mowgli ze hëllefen séng Frënn erëm ze fannen.

**Départ:** Samstes, den 7.02.26 um 10:00 Auer virun der Gare Centrale Luxembourg
**Retour:** Sonndes, den 8.02.26 um 14:00 Auer beim Home vun ‚Les Loutres'
zu Miersch (Adress: Haardter Wee, 7534 Mersch)

**Präiss:** **35€** sinn op de Compte "Les Lions Bleus-Meute" ze iwwerweisen
(BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: WeekendMeute26+ Numm vum Kand.

**Souche & Bezuelung:** Bis zum 20. Januar 2026

**Waat brauchs du?**
Am grousse Rucksaak: e Schlofsaack, Gamelle a Besteck, Becher, dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, Schlappen(optional), Wäschsaachen, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, ...
Am klenge Rucksaak: **Picknick**, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, Biergschong a ganz vill Motivatioun...



**Heimat mellen ech** ..................................................

**gär mäin Wëllefchen** .................................................... **fir**

**dësen flotten Weekend den 07.-08.02.2026 un.**

**Datum & Ënnerschrëft:** ...........................................

**Léif Scouten!**

De Professer Dokter Sphinx huet eng rätselhaft Entdeckung gemaach! Hee fuerscht iwwert dat aalt Ägypten. Vill Informatioune kann hien eis nach net ginn, mee hien huet d'Scoute vun de Lions Bleus gefrot, him ze hëllefe bei dësem grousse Rätsel…
Komm mat op eng Rees an dëst mysteriéist Land am Norde vun Afrika!





**Rendez-vous:**
Samsdes, 07.02.2026 um 9.00 Auer um Glacis, Tramhaltestell Theater
**Retour:**
Sonndes, 08.02.2026 um 15.00 um Glacis, Tramhaltestell Theater

**Präiss & Unmelldung:** **30€ > Rectification !!!**
sinn ze iwwerweisen & d'Souche oofzeginn bis den 31.01.2026 op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun: Fuesweekend + Numm vum Scout

**Wat brauch ech?**
Picknick fir Samsdes Mëttes, dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Schlofsak, fest Schong, Bidon…



Heimat erlaben ech ………………………………………………………… méngem
Scout ………………………………………………………………… deelzehuelen um
Weekend ‚Ägypten'  den 07.-08.02.2026.

Datum an Ënnerschrëft vum Elterendeel: ………………………………………………………

## „ Der Berg ruft”

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.** Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen. Op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2025 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **13.Februar 2026** um **18h30 beim Home vun den Lions Bleus**
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **22.Februar 2026** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus

**Präiss:** fir < 18 Joër = **475 € + 250 € = Total € 725**
fir > 18 Joër = **475 € + 275 € = Total € 750**

Daat heescht 475 Euros fir Transport, Chalet, Programm, Iessen, Sauna / Schwämm & déi Léit déi Ski fueren > mussen nach 250/275 Euros fir den Skipass bezuelen.

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"
>>> bis **spéidstens den 1.02.2026** mat der Mention "Techuana 2026 & Numm vum Participant".

**Täschegeld:** +/- **60 €** ginn duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun déngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

<u>D'Souche muss du awer schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!</u>

Falls du awer direkt **eng Fro** häss, kanns de direkt eng Mail maan un : **tamia@lionsbleus.lu**

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

..................................................................................................
mat um **TECHUANA-Wantercamp'26** (13.-22.02.2026) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ........................................................................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Surviving a Winternight



## Léiwe Scout,

Hues du dëch och scho gefrot waat's du maache géifs, wann's de dëch wärend engem Hike am Bech verlafe géings ? An dann och nach am Wanter...
Ma keng Suergen, du bass dann net verluer... Op dëser Sortie léiers du dann waat's de maache kanns fir drëschen a waarm duerch déi Nuecht ze kommen.

**Rendez-vous :** Den 28. Februar 2026 um 9 Auer beim Hôtel Sieweburen
(36 Rue des Sept-Fontaines, 2534 Luxembourg)

**Retour :** Den 28. Februar 2026 um 16 Auer beim Hôtel Sieweburen
(36 Rue des Sept- Fontaines, 2534 Luxembourg)



**Praiss :** **10€ > Rectification !!!**
si bis spéitstens den 21.02.2026 op de Compte :
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: "Surviving a Winternight + Numm vum Scout"

**Souche:** Ass bis spéitstens den 21.02.2026
(am beschte per Mail/troupe@lionsbleus.lu) ofzeginn

**Material:** Gutt waarm Kleeder (mir sinn de ganzen Dag dobaussen), Biergschong, Bidon mat Waasser, Gamelle/Besteck/Bëscher/Kichenduch, dem Scout séng siwe Saachen a atiirlech Motivatioun ...

Ech ........................................................................................ erlaben

heimat méngem Scout ................................................................... op


der ,Surviving a Winternight Sortie' den 28/02/2026 deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ...........................................................................



# FNEL QUIZ-OWEND | FIR ROVER&TEMBO




**Rover/Tembo Quiz 2026**
**Gala Grand-Ducal vum Wëssen**

Een Owend um Schlass Bierg

**Freides den 27/02/2026**
zu Colmar-Bierg am Centre Culturel

Dieren: 19.00 Auer
Start: 19.30 Auer

**Präiss: 25€/ Persoun** -> Payconiq (691309454) oder Virement (Scouts Groupe Hirsch Colmar-Berg LU55 0019 3500 0177 1000 mat der Mentioun RO/TB-Quiz - Numm vum Grupp & Equipe)

**Tenue:** Noblesse oblige

**Umeldungsschluss:** 20. Januar 2026
iwwer QR-Code ....

# FNEL WEEKEND | FIR TEMBO (TB)

**Tembodag (Weekend)**

Loscht op e bësse Camp-Feeling? ???

Dann huel däi Rucksak (an déng gudd Laun!)
a komm tëscht dem 21. Mäerz 2026 ab 19:30 Auer an dem 22. Mäerz 2026 bis 16:00 Auer op de Fetschenhaff.
(61a Rue de Trèves, 2630 Cents)

Wat steet um Programm?

- Ee Rallye
- GBS
- Schlofen am Zelt
- Outdoorcooking
- Vill Spaass a Spiller

Komm wéi's de bass - eleng, mat Partner, Kanner, Frënn, Hond, Kaz oder déngem Goldfësch (sou laang en nët am Zelt schléift ;)

Mell dëch fir déi Aktivitéiten un, op déi's de Loscht hues - a bereet dëch op eng Portioun Nostalgie, Spaass a Camping-Vibes vir!



**Waat stees de dann nach do?**
**D´Seefekëscht baut sëch nët vun eleng!**
**Geschwënn ass ët souwäit, den Explorerbrevet ass sougudd wéi do. An do wëlle mir natierlech eis Seefekëscht präsentéieren! Also so déngem Chef séier Bescheed op du do bass fir den Weekend!**



**Wéini?**
**Start:** 7. Mäerz vun 10h00 bis 8. Mäerz (Auerzäit kucke mir dann)
am Home LBB


**Waat brauch ech?**
Al Kleeder/Schaffkleeder, Motivatioun a gutt Laun, an d'Material dat mir am Virfeld opgedeelt hunn

**Präiss? & Unmelldung?**
**Nada!** Per Souche oder WhatsApp bei déngem Chef...
Fir Iessen gët gesuergt!

**Heimat mellen ech ............................................................ gären**

**mäin Explorer ....................................................... fir den Seefe-KëschteBauWeekend den 7.-8.03.2026 un.**

**Datum & Ënnerschrëft: ..........................................**



# SORTIE | FIR D'BEAVER (BV)



## Moien léif Beaver,

DU wolls schon ëmmer wëssen vun wou eis Mëllech kënnt?
Schon ëmmer mol wëssen wéi ët hannert
den Kulissen beider Mëllechproduktion ausgesait?

All déi Froën an méi wärten op deser Sortie
zesummen mat den Eechternacher Quaichleken beäntwert ginn,
wann mir den Vitarium besichen ginn! Also mell dëch séier un!



**Rendez-Vous:** Samstes, den 14.03.26 um 09:30 beim Vitarium
(Luxlait Association Agricole Am Seif, L-7759 Roost / Bissen, Luxembourg)

**Retour:** Samstes, den 14.03.26 um 14:30 nees um Parking beim Vitarium.

**Präiss:** **7 Euro** sinn sinn ze iwwerweisen bis den 7. März 2026 op den Compte: „Les Lions Bleus-Beaver" mat der Mentioun : "Vitarium-Sortie + Numm vum Participant" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 07.03.2026 !

**Waat brauchs du:**
Foulard, e klengen Rucksaack mat opgefélltem Bidon an klengen Pic-Nic fir Mëttes, dem Wieder ugepassten Kleeder, Motivatioun ...

Heimat erlaaben ech ..........................................................................

méngem Beaver ................................................................... fir den

14.03.2026 mat op d'Sortie ‚Vitarium' ze goën.

Datum & Ënnerschrëft: .....................................................................................

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**
**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 14.-15.03.2026 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)
Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous: Den 14. März 2026 um ...8 Auer MAT Kaffi
...9 Auer OUNI Kaffi
Schluss: Den 15. März 2026 um 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchs du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **comité@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ________________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 14.-15. März 2026 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: ___________________

# EXPLO 2026

**Den Dapp feiert 10 Joër !!!**

Den 21.03.2026 feiere mir dem Dapp säin 10ten Gebuertsdag.

Loosst Iech dësen Event nët entgoën ...






Hei schon déi wichtegst Infos:

**Wéini?** Samstes, den 21.03.2026
**Wou?** ‚SURPRISE‘ mee irgendwou an der Géigend vun der Staat

**Start & Retour?** +/- 9h00 & +/- 17h00***

**Praiss?** **6 €** sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den **04.03.26** op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun: FNEL EXPLO26 + Numm vum Scout"

**Souche:** Ass bis spéitstens den **04.03.2026** (am beschte per Mail/troupe@lionsbleus.lu) ofzeginn

*** Déi genee Infos/Détailer kommen >>> no der Umellung !!!

Heimat erlaaben ech ........................................................

méngem Scout ........................................................................

um FNEL EXPLO‘26 den 21.03.2026 deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ........................................................................



# WEEKEND | FIR D'BEAVER (BV)



**Léiwe Beaver**
Eppes Schlëmmes ass geschitt - de Lord Fraquaad huet d'Häerz vum Sumpf geklaut!
Elo dréchent de Sumpf aus, den Esel kann nët méi laachen, an all d'Mäerechefiguren si ganz traureg!

De Shrek an den Esel brauche tapfer Beaver vun den Lions Bleus an den Quaichleken, fir d'Stécker vum Häerz erëmzefannen an d'Magie vum Sumpf zeréckzebréngen.



**START:**
Freides, den 10.04.26 um 08:45 Auer um Glacis bei den Toiletten

**SCHLUSS:**
Samstes, den 11.04.26 um 15:00 Auer beim Chateau d'Erpeldange
(21 Prte des Ardennes, L-9145 Erpeldange-sur-Sûre)

**PRAISS & SOUCHE: 45€**
sinn ze oofzeginn/ze iwwerweisen bis
**spéidstens den 04.04.2026** op de Compte: Les Lions Bleus-Beaver
(BCEE - IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun:
SHREK'26 - Numm vum Participant

**WAAT BRAUCH ECH:**
Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Biergschong, Wäschsaachen, Täscheluucht, Gamelle (mat Becher, Couvert, Kichenduch), ...
<u>Klengen Rucksaack mat:</u>
gefëllte Bidon, eng Kaap an vill Motivation !!!!



Heimat erlaaben ech ..........................................................

méngem Beaver .......................................................... vum

10.-11.04.2026 um SHREK Weekend deelzehuelen.

Datum & Ënnerschrëft: ..........................................................



# CAMP | FIR D'MEUTE (LX)



**Léiwe Wëllefchen,**

wéi's du sëcherlech schon matkruus, ass de Mowgli elo an de südamerikanesche Dschungel op d'Sich no séngen verluerene Kollegen.

**Awer opgepasst!** E geheimnisvollt Orakel huet viraus gesoot, dass hien do grouss Geforen erwaarden. Nëmmen Dir kënnt hien beschützen a säin Wee sëcher maachen...



**Rendez-vous:**
Freides, den 10.04.2026 um 10:00 Auer op der Gare Centrale Luxembourg
**Schluss:**
Sonndes, den 12.04.2026 um 12:00 Auer beim Cactus zu Bouneweg

**Präiss:**
**60€,** sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 29.März 2026 op de Compte:
Les Lions Bleus-Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: Numm vum Participant + SACamp26



**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste Kleeder, Foulard, Schloofsack, Carrymat, gefëllte Bidon, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, **Picknick,** Sonnecrème, eng Kaap an vill Motivatioun!!!!



**Heimat erlaaben ech** ..........................................................................

**méngem Wëllefchen** ..................................................................... **vum**

**10.-12.04.2026 um SüdamerikaCamp deelzehuelen.**

**Datum & Ënnerschrëft:** ...........................................................

**Et gëtt erëm Zäit fir eraus!**

An dëser Sortie gi mir rëm bësse Back to Basics an léiere rëm wat et ausmëscht Explorer ze sinn! Wanns du och um Feier kachen, dir puer Blosen ertrëppelen an natierlech an der Natur eppes opbaue wëlls, da mell dech séier un, fir des Bushcraft Sortie!



**Start & Schluss?**

**Samsdes** den **25.04.2026**_RV um 9h00-17h00 jeweils beim Home Lions Bleus.

**Wat brauch ech?**

Dem Wieder ugepasste Kleeder, déck Schung, klenge Rucksak mat gefälltem Bidon, Täschemesser, ...

**Präis an Umeldung?**

**15 €** sinn op den Explorercompte ze iwwerweisen
mat der Mentioun: "Bushcraftsortie + Numm vum Participant"

--> Mell dech per Souche oder WhatsApp bei déngem Chef un **bis den 11.04.2026**



Heimat mellen ech ........................................................ gären mäin

Explorer .............................................. un, fir un der Bushcraftsortie

den 25.04.206 deelzehuelen.



Ënnerschrëft: ...........................................................................


# FNEL SIXPLO | FIR D'MEUTE (LX)




De Kevin, de Stuart, an de Bob hunn decidéiert, beim Sixplo matzemaachen.
Um leschte Camp ass net alles no Plang verlaf, an hir Chance op Badger ass hinnen leider duerch d'Fangere gerutscht.

Mee e richtege Scout gëtt net op.
Mat frëscher Energie, an engem grousse Bestand u Bananen, wëllen déi dräi elo beim Sixplo weisen, wat wierklech an hinne stécht.

Maacht mat a erlieft, wéi déi dräi hir zweet Chance notzen an zesumme mat eis en onvergiesslecht Abenteuer erliewen.



**--- FNEL Wëllef SIXPLO ---**
**25.-26.04.2026**


Start? Samstes, den 25.04.2026 (just fir Sixer) ***
Retour? Sonndes, den 26.04.2026 (fir all d'Wëllef) ***
Wou? Neihaischen

*** Déi genee Infos/Détailer kommen >>> no dénger Umellung !!!

**Unmelldung?**
Schnellstens per Mail op meute@lionsbleus.lu mam Numm vum Participant oder per Souche oofzeginn bis den **21.03.2026** !

Heimat erlaaben ech ____________________________
méngem Wëllefchen als Sixer 25.-26.04.2026
___________________________ oder als Wëllefchen
26.04.2026 ___________________________ mat op
den SIXPLO'26 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschreft:
________________




# FNEL - DIVERS SOUCHEN




**Walk for Nepal 2026**

Dës Joër gët och nees de Walk for Nepal organiséiert. D'Tembo an d'Rover Ekipp brauch déng Hëllef. Trëppel duerch de Bësch a looss der deng Kilometer sponseren. Zesumme sammele mir Spenden fir d'ONGD- FNEL mat hieren Nepal Projeten z'ënnerstëtzen. Méi Informatiounen zum Spenden an zum Départ kriss du an enger E-Mail nodeems du dech ugemellt hues.



**Wéini?** Sonndes, den **17. Mee 2026**

**Wou?** zu Ohn op der Mousel
(Chalet LGS Jean Baptiste, 14 rue de la Résistance, L-5401 Ahn)

**Präis?** **10€** op de Kapp >> W.e.g. bis den 10. Mee 2026 op de Konto FNEL-Programm iwwerweisen
(LU95 0030 0457 4525 6000)

**Umellen?** Umelle mam Google Forms bis den 10. Mee 2026 oder per e-mail (rover@fnel.lu / tembo@fnel.lu)

Mir freeën eis op dech an hoffen dass dëst Joer rëm eng säfteg Spend fir de Nepal zesumme kennt, zeck also net an mell dech séier un!

Rover & Tembo Ekipp

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 07.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 14.-16.02.2026 | | CAMP mat den HI |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 14.03.2026 | | SORTIE mat den EQ |
| 21.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 28.03.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 04.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.-11.04.2026 | | WEEKEND mat den EQ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2026 | | FNEL BV Funday |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 07.-08.02.2026 | | WEEKEND |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 21.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 28.03.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.-12.04.2026 | | CAMP |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.-26.04.2026 | | FNEL LX SixerWeekend & Sixplo |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 09.05.2026 | | SORTIE |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 23.-26.05.2026 | | GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 07.-08.02.2026 | | WEEKEND |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | SORTIE |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 21.03.2026 | | FNEL Explo |
| 28.03.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 09.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 23.-26.05.2026 | | GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP |
| 06.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 07.02.2026 | 14:00 - 16:00 | UnitéitsVersammlung |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 13.-22.02.2026 | | TECHUANA |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 27.02.2026 | | FNEL RO/TB Quiz |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 07.-08.03.2026 | | EX WEEKEND |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 21.03.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 21.03.2026 | | RO Olympiade |
| 22.03.2026 | | TB Dag |
| 28.03.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | UnitéitsVersammlung |
| 25.04.2026 | | EX SORTIE |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 09.-10.05.2026 | | FNEL SK Rennen & SportsDag |

# RAPPORT Weekend | ROVER/TEMBO (RO/TB)





Wéi fir all Rover Tembo Weekend hu mir eis géint 9h op der Gare zu Dummeldéng getraff. Fir dës Editioun ware mir zu enger 15 Leit, an och vill jonk Cheffen hunn de Wee op de Weekend fonnt. Wat d'Wieder ugeet wor ët immens kal, mee mir goufen de ganze Weekend vun der Sonn verwinnt. Um rdv konnte mir eis dann fir ee Wee entscheeden. De gemittlechen oder deen méi usprochsvolle Wee. Domadder sinn also 2 Gruppen entstaanen déi sëch eréischt am fréien Owend nees erëmgesinn sollten. Den Dag iwwer misste béid Equippe Message fannen, léisen a Stéck fir Stéck de Wee op d'Owesplaz fannen. Kuerz virum Sonnenënnergang, wat zimmlech fréi wor, wëll ët wor jo November, ass déi éischt Grupp am Chalet zu Kolpech ukomm. Déi zweet ass nët all ze laang duerno ukomm. De Recht vum Owend ass ganz gemitterlech verlaf. Tëscht enger gudder Taass Glühwäin an immens gudde Spaghetti Bolognese si Spiller gespillt ginn, Gespréischer gefouert ginn an natierlech gouf mat eisem jéngste Lions Bleus intensiv gespillt. Leider kruten déi jonk Cheffen ët nët hin him néi Wieder bäizebréngen, dëst Ziel gëtt awer weider verfollegt bis d'Elteren es genuch hunn. No dem flotten awer och ustrengenden Dag ass Jiddereen dunn och zefridden an d'Bett gefall.

Den Dag drop gouf als éischt mol gemitterlech Kaffi gedronk bevir mir zesumme geraumt a gebotzt hunn. Duerno hu mir eis op d'Sich no enger flotter Mëttesplaz gemaach fir ze Grillen. Déi Plaz hu mir dunn och nët all ze wäit an engem klenge Bëschdeel fonnt. No dëser gudder Molzecht mat villen Anekdoten hu mir eis 7 Saache gepaack a sinn de Wee nees a Richtung Dummeldénger Gare ugaangen. **LOUP**







# RAPPORT WanterMaart | GROUPE (GR)

Wéi schon déi lëscht Joren hunn d'Lions Bleus och 2025 op hiren Chrëschtmaart agelueden. Et gouf nees kräftege Schocki, waarme Glühwäin, séisse waarme Viz an natierlech e stéck Boxemännchen. De Kleeschen wor natierlech och nees present an dës Joër mat Ënnerstëtzung vum Houséker. Zu engem richtege Chrëschtmaart gehéiert natierlech och Gebastels vun de Kanner, déi ee kafe konnt. Dëst Joer hu mir och de Rekord vun de Leit geknackt. Insgesamt hate mir wärend dem ganzen Owend eng 100 Leit um Maart! Mir soën Jidderengem Merci dee laanscht komm ass an eis ënnerstëtzt huet. **LOUP**







# RAPPORT Camp | TROUPE/EXPLORER

Rapport Chrëschtcamp '25 - Thema Krimi

**Eischten Dag :**
Mir hunn eis den 21. Dezember um 9:30 Auer op der Gare getraff, wëll d'Jolly d'Woch virdru wärend der Versammlung embruecht ginn ass an d'Police Hëllef gebrauch huet.
Mat zwee Zich si mir bis op d'Paradiso Gare gefuer. Vun do aus si mer da lass getrëppelt. Mir sinn duerch de Bësch gaangen, laanscht Stroossen an Haiser. No zwou Stonne si mir laanscht de Chalet getrëppelt. Mee mir haten eis mat de Koordinate geiert, also hu mir missen zréck goen. Mir hunn dunn och eng schéi Plaz fir ziesse fonnt. Mir sinn du géint 19 Auer ukomm an hunn eng Bouneschlupp gekacht a giess. Als Nuetsspill hu mir eng Versioun vu Schmuggler mat Gold- a Puzzlestécker gespillt. Mir hu géint d'Raiber gespillt. Wou d'Spill eriwwer war si mir zréck an de Chalet gaangen n hunn do de Puzzle geléist. Et war d'Mordwaff, eng Louche !
Mir hunn eis da fäerdesch gemaach fir ze schlofen a sinn hutt midd dann an d'Bett gaangen.


**Zweeten Dag :**
Haut si mir opgestanen an hunn als éischt e bësse Frühsport gemaach. Nom Spullen hu mir eis d'Ae mat engem Foulard verbonnen. Mir goufe blann gemaach an een nom aneren an e Raum gefouert. Eréischt wéi et virun der Dier gepiept huet, duerfte mir de Foulard ofhuelen.
Mir waren an der Kichen. Et huet a verschiddenen Ofstänn virun der Dier gepiept, an op der Kachmaschinn louch d'Morsealphabet. Do ass eis kloer ginn, datt dat eng Zort Escape Room ass an datt mir mat Hëllef vum Morsealphabet e Saz oder e Wuert erausfanne missten, fir erauszekommen. Zousätzlech haten mir, wéi de Mankei gesot huet, eng Stonn Zäit.
No e bëssen Tüftele konnte mir de Saz entzifferen: "Ënnert der Spullmaschinn steet eppes." Wéi mir an de Schaf ënnert der Spullmaschinn gekuckt hunn, war do näischt. Wéi mir d'Hoffnung bal opginn haten, huet ee vun eis nach eng Kéier nogekuckt an uewen am Schaf e Ziedel mat engem Message peche gesinn. Duerno ass et an den nächste Raum gaangen.
An deem Raum stoung e Bett an e Spullsteen. Et war zimlech kleng a mat villen Saache vollgestoppt. Mir haten erëm eng Stonn Zäit, mee mir hunn d'Léisung net fonnt. Wéi d'Zäit eriwwer war, si mir erausgelooss ginn. Mat e bëssen Hëllef hu mir awer déi dräi Këschte mat Schlässer opkritt. An enger Schatzkëscht war Gold an d'Brownie-Rezept vun der Nora. Dat duerfte mir awer net op normal Aart zoubereeden.
E puer vun eis waren vun enger op déi aner Sekonn blann, e puer haten d'Hänn verbonnen an anerer duerften net schwätzen. Iergendwéi hu mir et awer fäerdeg bruecht dem Nora sneg Brownies ze baken. Duerno hu mir nach e puer verdächteg Cheffe befrot, bis et endlech lecker Pesto-Nuddelen gouf.
Beim Iesse goufe Rumeuren verbreet, datt mir nom Iesse mat verbonnenen Ae ausgesat géife ginn an de Wee zeréck fannen missten. Sou wäit ass et awer net komm. Mir hunn eis waarm ugedoen an eis dobausse versammelt. Do huet de Lynx eis erkläert, datt mir e klenge Parcours maache missten. Wann mir awer net bis Mëtternuecht zeréck wieren, misste mir dobausse schlofen.







Natierlech hu mir eis ugestrengt, well keen vun eis wollt sech erkalen. Et huet sech gelount: Mir hunn all d'Messagen fonnt. Am leschte war nach en USB-Stick dobäi. Wéi mir beim Haus ukoumen (viru Mëtternuecht), war alles donkel. Op der Dier hing e Ziedel mat der Opschrëft: "Ahh, verarscht."
Do hu mir all e Schock kritt, well mir geduecht hunn, mir missten an der kaler Nuecht dobausse schlofen. Mir hunn all duerch déi kleng Fënster an der Dier gekuckt - alles war donkel. Mä op eemol ass dem Lynx säi Gesiicht hannert der Fënster opgedaucht. Mir hunn eis all erschreckt, mee zum Gléck goufe mir eragelooss.
Duerno krut jidderee vun eis nach e Stéck Brownie, an mir hunn den USB-Stick un de Manon säi Computer ugeschloss. Dorop waren Aussoe vun alle Cheffen. Mir haten all de nervös wierkende Mankei am Verdacht. Zum Schluss hu mir nach e puer Ronne Loup-Garou gespillt, éier mir eis midd an d'Better geluecht hunn.






**Dretten Dag:**
Wou mer opgestane si misste mir eis Saache schnell zesumme paken a sinn dann eraus gaangen an hu bessi Frühsport gemaach.
Dunn hu mir fir eis a fir d'Cheffe Pain perdu gekacht. Dat huet zimlech laang gedauert, dat heecht mir hunn dono direkt missen ufänke mat botzen, raumen an eng Grupp huet d'Feier ugemaach. Op deem Feier hu mir dann och gegrillt.
Nom Iessen, wärend dem Meckercarré hu mir op eemol de Loup mat der Louche am Grapp entdeckt. Eis ass ganz schnell bewosst ginn dat hien de Mörder ass an hunn hie festgehol. Zimlech gläichzäiteg krut d'Manon vun der Police ugeruff an do huet sech erausgestallt dat de Loup vu snegem Bruder, dem Mankei, Insider Infos krut.
Mir hunn déi zwee du festgehol, séier eng Chaine des Adieux gemaach a missten du schnell op de Bus goen.

**Anna (SC) & Lucie (EX)**








# RAPPORT Sylvester | CHEFFEN (CH)



Rapport Silvester

Ganz am Thema "Through the decades" hun sëch d'Cheffen fir um 19 Auer fir Silvester'25 am Home getraff. All Persoun haat en anert Joërzénkt an haat sëch passend dozou ugedoën. D'Joërzénkten hun mir dann nom Catwalk erroden.
Als Animatioun goufen ët vill kleng Spiller déi an d'Joërzénkte gepasst hunn, wéi z.B. eng Essenssuche (Steenzäit) ... eng Course (alt Griechenland) ... This or that (Regency) ... Twister (80s), ...
Traditionell gouf ët natierlech eng gutt Raclette a pünktlech um 00.00 Auer, nodeems mir eis mat deene ganzen Spiller gutt ausgetoobt haaten, hu mir d'Joër 2026 Wëllkomm geheescht.
Duerno hu mir d'Freedefeier nach bëssi gekuckt an hunn nach relax Gesellschaftsspiller gespillt.

**Manon**

















# RAPPORT FNEL Raid | EXPLORER (EX)






Samsdes den 10. Januar 2026,
hunn sech d'Explorer vun all den Gruppen zu Réimech getraff fir den traditionellen Raid, hei sinn dann gläich Ekippen gemaach ginn sinn. An dësen vun ongeféier 6 Explorer aus verschiddenen Gruppen, a menger waren 3 Hirschen, 1 Wëll Sai, an de leschte weess ech net méi aus wéi engem Grupp hien ass. Mee dat ass och egal, well um Raid geet et dorëms d'Posten ze fannen, um Zil unzekommen a Spaass ze hunn, den Alter an de Grupp sinn egal.
Um Ausgankspunkt krute mir eng Kaart a Koordinate fir bei den éischte Posten. Am ganze waren et 4 Posten. Mir hunn e feier gemaach, mir hu giess, zum Gléck??, vun dem villen Trëppele kritt een Honger. Dobausse war et kal, mee dat war eis egal, mir sinn duerch getrëppelt bis mer net méi konnten. Zum Gléck konnte mir d'Zill fannen, mir waren zwar komplett dätsch, mee mir waren frou, dass mer eis Carrymatt a Schlofsak konnten hinleeën an endlech raschten. Villäicht war et net direkt roueg, mee iergendwann si mir all ageschlof.
Moies hu mir net vill gemaach ausser Früstück, apaken a wéi no all Camp/Weekend/Sortie eng Chaîne des Adieux, well et schonn nees eriwwer war ? **Leena**







# RAPPORT SchlittschongS | GROUPE (GR)

D'Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer an all hier Cheffen hunn sëch pünktlech um 10h00 op der Kockelscheier getraff fir hiir GruppenSchlittschongSortie. Nodeems mir ee Carré gemaach haaten an all Kand un d'Regelen op der Pist erënnert haaten, konnt ët dann och schonn lass goën mam Vergnügen. Virum Ais gouf dann nach eng Gruppefoto gemaach an huerteg ass ët op d'Piste gaangen. Et wor wierklech schéin ze gesinn, wéi d'Scouten an Explorer deene méi Klengen aus dem Grupp gehollef hun, fir riicht um Ais kënnen stoën ze bleiwen. Esou ass ët dann komm, dass zum Schluss baal Jiddereen (méi oder wéineger) um Ais fuere konnt! No 2 Stonnen konnte mir eis Schlittschong du rëm ausdoën an eis prett maachen fir zeréck Heem. **MANKEI**









# LBB SHOP

## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

am
PACKAGE

T-SHIRT
&
HOODIE

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€

## and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard**,...

& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **14/03/2026** ... **16/05** virum PC ... & **27/06** virum Pow-Wow/Summer ... **jeweils vun 15h45 - 16h30** (max) ...

# COTISATION 2026

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un.
Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus elo fälleg.
Dëst Joër sinn **30,00 Euros** op den **Compte CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.

**Fir dës 30,00 Euros kriss du:**
- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5-6 x während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi asprénqt wanns de en Accident bei den Scouten häss

Fir ze verhënneren dat mer vill Rappel'en maachen mussen, den Dierwiechter bei déi verschidden Léit schécken déi nët / ze spéit iwwerweisen, oder soss opwänneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen, soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.
Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2026 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech (awer **spéidstens bis den 31.03.26*****) bezuelt gët.
***Aanerenfalls duerfs du leider nët méi um Programm vun de LBB deelhuelen !!!



Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)

# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 12.02.2026 | Réunion semestrielle |
| 14.02.-22.02.2026 | FUES-VAKANZ |
| 27.02.2026 | RO/TB Quiz |
| 06.03.2025 | Soirée Chef de Groupe |
| 21.03.2026 | SC Explo |
| 21.03.2026 | RO Olympiade |
| 21.03.2026 | TB Dag |
| 28.03.-12.04.2026 | OUSCHTER-VAKANZ |
| 25.-26.04.2026 | LX SixerWeekend |
| 09.05.2026 | BV FunDay |
| 09.-10.05.2026 | EX SD & SKR |
| 17.05.2026 | Walk for Nepal |
| 23.05.-31.05.2026 | PËNGSCHT-VAKANZ |
| 21.06.2026 | RO/TB Volleyball |
| 22.06.2026 | FaakelZuch |
| 03.07.2026 | ScoutsWuppeFest |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann no enger mi laanger Zait den Grupp vun den Bloen Léiwen mol nees eng kéier mi grouss wärt gët.
02) wéi wann eisen traditionellen 'Winter Edition' Rover Tembo Weekend Enn November gudd besicht wor.
03) dat den LBB Wantermaart an Kombination mam Kleeschen ugangs Dezember 'The Place to be' wor.
04) wéi wann d'Scouten sëch um KC verlaaf haaten, hiir Orientation wuel nach bessi amélioréiert muss ginn.
05) dat e weideren Chef den Wee iwwer ONGD FNEL an den Nepal gesicht hued no séngem Schouloofschloss.
06) wéi wann eisen Grupp vun den Bloen Léiwen sëch getraut haat emol eng GruppenSchlittschongSortie ze maan.
07) dat eisen Feieralarm (nët eisen Alarm) wuel e klengen Defaut haat, an puer mol eng länger Zait gehuurelt huet.
08) wéi wann eisen Paradaisvillchen virun der Assemblée Générale offiziell séng Démission am Comité ginn huet.
09) dat den Kodiak vun séngem Posten als Vize-Präsident zerèckgetrueden ass an Tamia als Nofolger proposéiert.
10) wéi wann den Pow-Wow'26 an gudg 5 Méint ass, an d'Préparatiounen hei op Héischtouren laafen.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat eist Sophie an sain léiwer Schwaizer fir di éischt kéier Elteren ginn, an mir hinnen lo schon gratuléieren.
02) dat e gesonden Mix vun jonk an aal um Start woren an Sie e flotten Weekend zesummen verbruecht hun.
03) wéi wann dësen Event ëmmer gudd besicht ass fir ALL zesummen e flotten WanterOwend ze verbréngen.
04) dat Sie duerch Zoufall laanscht den Home koumen, Sie awer zerèckgeschéckt goufen fir de Trajet korrekt ze maan.
05) wéi wann daat sëcherlech och fir Amélie eng super Liewenserfahrung gët an flott Andréck mat zréckbréngt.
06) dat dëst ëmmer bessi chaotesch ass vun BV bis EX, mee schéin ze gesinn wi die Grouss deene Klengen hellefen.
07) wéi wann mir eis am hei och...am Numm vun den Lions Bleus entschëllegen fir d'Emstänn am Daag & Nuecht.
08) dat mir MERCI soen fir séng Zait, sain Engagament, sain Chaos an séng ëmmer nees nei Ideen fir no fiir ze goën.
09) dat hat dëse Posten mat Freed ugeholl huet fir di nächst 3 Joër, mee sous conditions dat hien am Comité bleiwt.
10) dat dofir d'Konzept ugangs Februar an der CoDir an der FNEL présentéiert gouf an dono bei de Chef op der RS.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## februar'26

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | BV/EX<br>**LX & SC WEEKEND** |
| So | 8 | **LX & SC WEEKEND** |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | FNEL Réunion semestrielle |
| Fr | 13 | **Start TECHUANA** |
| Sa | 14 | **TECHUANA**<br>**BV CAMP** |
| So | 15 | **TECHUANA**<br>**BV CAMP** |
| Me | 16 | **TECHUANA**<br>**BV CAMP** |
| Dë | 17 | **TECHUANA** |
| Më | 18 | **TECHUANA** |
| Do | 19 | **TECHUANA** |
| Fr | 20 | **TECHUANA** |
| Sa | 21 | **TECHUANA** |
| So | 22 | **Retour TECHUANA** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | COMITE |
| Fr | 27 | FNEL RO/TB Quiz |
| Sa | 28 | BV/LX/EX<br>**SC SORTIE** |

## märz'26

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | BV/LX/PV<br>**EX WEEKEND** |
| So | 8 | **EX WEEKEND** |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| Sa | 14 | LX/T V/EX<br>**BV SORTIE / LBB SchaffWE** |
| So | 15 | **LBB SchaffWE** |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | |
| Do | 19 | COMITE |
| Fr | 20 | |
| Sa | 21 | BV/LX/EX<br>FNEL SC Explo / FNEL TB WE |
| So | 22 | TB WEEKEND |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | |
| Sa | 28 | |
| So | 29 | |
| Me | 30 | |
| Dë | 31 | |

## abrëll'26

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| Sa | 4 | |
| So | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | **BV WEEKEND / LX CAMP** |
| Sa | 11 | **BV WEEKEND / LX CAMP** |
| So | 12 | **LX CAMP** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| Sa | 18 | BV/LX/T V/EX |
| So | 19 | |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | |
| Do | 23 | COMITE |
| Fr | 24 | |
| Sa | 25 | BV/PV **EX SORTIE**<br>FNEL LX SixerWeekend |
| So | 26 | FNEL LX SixerWeekend |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

Manon,
The Best Egg Peeler far and wide....
Wien traut sëch géint hat unze-
trieden? Egal op Eer oder
Knueweléck, hat ass momentan eis
N°1



LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

* THATS ALL FOLKS ...